



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU  
Par Christine Wirgen, 14:09, 07/04/2021

Lëtzebuerg, den 07/04/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, d'ë s dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An engem Artikel op 100komma7.lu gouf an engem Interview vun engem Beamten aus dem Gesondheitsministère erkläert, dass Lëtzebuerg weider 5 Milliounen Covid-Schnelltester zum besteende Stock vun aktuell 2 Milliounen bäikafe wäert. Wéi d'Medieplattform schreift, goufen et awer keng Prezisiounen zum Akafspräis. Zitat:

*"De Präis vun den Tester géif tëschent 2 an 12 Euro variéieren. Wéi vill Lëtzebuerg fir seng Milliounen Tester bezuelt huet, wollt den Expert net soen. Et hätt ee sech op d'Präisleschungsverhältnis an op verschidde Krittäre vun der WHO baséiert, seet den [Beamten]."*

An deem Zesammenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill huet de Staat insgesamt fir déi 5 Milliounen Tester ausginn? Wat ass den Duerchschnëttspräis vun engem Test? Wat ass de Median?
2. Wéi vill huet de Staat fir dee besteende Stock vun 2 Milliounen Schnelltester ausginn? Wat ass hei den Duerchschnëttspräis vun engem Test? Wat ass de Median?
3. Bei wéi enge Firmen goufen d'Schnelltester bis elo bestallt?

Mat déiwem Respekt,

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député

GOERGEN Marc  
Député





LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick  
Tel: 247 85512  
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 12 mai 2021

**Réf. :** 838x44cb8

**Concerne:** Question parlementaire n° 4040 du 7 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4040 du 7 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le "Coût des test rapides Covid-19".

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX  
Premier Conseiller de Gouvernement





**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4040 du 7 avril 2021 de Monsieur le Député Sven Clement et de Monsieur le Député Marc Goergen concernant le "Coût des test rapides Covid-19".**

An den leschten Deeg an Wochen sinn am Kader vun der nationaler Strategie eng ganz Rei zousätzlech Schnelltester bestallt ginn, sou dass déi Zuelen déi den honorabelen Députéierten an der parlamentarescher Fro freet, net méi aktuell sinn.

Stand 11. Mee 2021, huet den lëtzebuurger Staat 17 043 200 Schnelltester vun zwee verschidden Produzenten bestallt. Den Präis pro Test variéiert jee no Test an Produzent an läit tëscht 1,3€ an 1,8€.

Den Staat huet die folgend 2 Marken vun Tester bestallt:

1. BEIJING LEPU MEDICAL TECHNOLOGY CO., LTD.
2. Guangzhou Wondfo Biotech Co., Ltd